



Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick  
Tel: 247 85512  
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de Législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg



Luxembourg, le 9 avril 2021

Réf. : 837xb5df4

**Concerne:** Question parlementaire n° 3792 du 8 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3792 du 8 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les "Traitements de données à caractère personnel des personnes atteintes de la Covid-19".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX  
Premier Conseiller de Gouvernement



**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3792 du 8 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les "Traitements de données à caractère personnel des personnes atteintes de la Covid-19".**

1. Wou an a wéi engem Datecenter ginn déi perséinlech Donnéeë vu Covid-Patiente stockéiert a vu wéi engem Service ginn se geréiert?

Déi perséinlech Donnéeë, déi vun der Gesondheetsdirectioun op Basis vun der "loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19" gesammelt a veraarbecht ginn, ginn entweder direkt vun der Gesondheetsdirectioun stockéiert, op Serveren ënner hirer Verantwortung, oder vum Centre des technologies de l'information de l'Etat (CTIE). D'technesch Gestéioun vun dësen Donnéeë ass deemno vun der Gesondheetsdirectioun an dem CTIE assuréiert.

2. Ass et wierklech sou, datt just Dokteren a Personal aus dem Gesondheetsberäich Zougrëff op dës Donnéeë kënnen hunn? Wéi gëtt dat garantéiert a kontrolléiert?

Laut de Bestëmmunge vum uewegenannten Gesetz kënnen verschidde Kategorië vu Leit Zougrëff op dës Donnéeë hunn, nämlech Dokteren, Gesondheetsberuffler, Staatsbeamten, Mataarbechter déi dem Ministère zur Verfügung gestallt ginn laut dem Artikel L. 132 -1 vum Code du travail (prêt temporaire de main d'oeuvre), oder all aner Persoun déi fir dësen Zweck vun der Gesondheetsdirectioun benannt ass.

Zougang gëtt vun der Gesondheetsdirectioun op Basis vum Kritär vun der Noutwennegkeet, ("need to know") erlaabt, fir datt all Kategorie vu Persounen op d'Donnéeën zougräife kënnen, déi se brauchen fir d'Missiounen an d'Aufgaben déi hinnen uvertraut sinn kënnen ze erfëllen. Zougangsufrage ginn noverfollegt a suivéieren en interne Validatiounsprozess, wouduerch Zougangsbeurdeelungen ausgefouert kënnen ginn.

3. Sinn international Technologiekonzerner um Stockage vun dësen Donnéeë bedeelegt?

De Stockage vun den Donnéeën gëtt entweder direkt vun der Gesondheetsdirectioun oder vum CTIE duerchgefouert. Dës Aktivitéit ass deemno net engem oder méi internationalen Déngschtleeschter uvertraut ginn.

4. Verfögt déi National Dateschutzkommissioun (CNPD) iwwer Informatiounen dozou an huet si en Avis iwwert d'Sécherheet vun deene medizineschen Donnéeën ofginn?

D'CNPD ass iwwer d'Charakteristike vum System, deen en place gesat ginn ass, informéiert ginn, an huet keen Avis iwwer d'Sécherheet vun den medizineschen Donnéeën erausginn.

5. Ginn déi perséinlech Donnéeë vu Covid-Patienten an hiren elektronische Patientendossier opgeholl?

D'Gesondheetsdirectioun intervenéiert net beim Androen vun Dokumenter an Daten iwwer d'Gesondheet an den elektronische Gesondheetsdossier (Dossier de Soins Partagé). Dëst gëtt vun de Gesondheetsberuffler duerchgefouert, déi am Parcours vum Patient implizéiert sinn, opgrond vun der Prozedur, déi vun der Agence eSanté definéiert gouf.